# NICOLAS CHARLES-JEAN

* 06.07.1907 op der Kap (Capellen)
† erschoss den 11.04.1945


bestued mam LIST Hélène * 16.09.1909
† 02.12.1985

gewunnt zu Stroossen, Areler Strooss Nr. 8
(Haus WEBER-GERARD), haut Heini BERSCHEID

Hir Kanner: Marcel * 04.11.1933 zou Esch/Uelzecht
Marie-Madeleine * 07.02.1937 zou Esch/Uelzecht

D'Famill NICOLAS koum de 14.12.1940 aus der Stadt Lëtzebuerg op Stroossen. De Charel huet als Employé bei der Firma Neuberg an der Stad geschafft. Als gudde Patriot war hie vun Ufank un bei der Resistenz aktiv bedelegt. A sénger Wunnéng sin d'Mêmber vum LRL veredegt, d'Mêmberskaarten ausgefëllt, ënnerschriwwen a verdeelt gin. E gouf den 12. September 1942 verhaft a war am Prisong am Gronn vum 12.09. bis de 15.09.1942.

Duerno:
HINZERT
FRIEDRICHSHAFEN
DACHAU
BUCHENWALD
KLEIN-BODUNGEN, vun hei aus um Wee nom KZ BERGEN-BELSEN as de Charel tëschent CELLE a BELSEN ca. 10-15 km viru BELSEN den 11. Abrëll 1945, um Enn vu sénge Kräften, wéi hien nët méi weider konnt, vun der SS op der Strooss erschoss gin.







*Dës Kaart op den Numm vum Nicolas Apel gouf de 15.4.1942 an der*